



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 29. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d' Madamm Gesondheetsministesch an un d' Madamm Familljeministesesch weiderzeleeden.

Hei am Land ginn et am ganzen 11 Haiser fir betreit Wunnen déi vum Familljeministère zougelooss sinn. An dëse Strukture wunnen an der Majoritéit eeler Leit. Änlech wéi an Altersheemer wunnen hei vulnerabel Persoune méi enk zesummen.

Duerfir hunn ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Firwat ginn an der COVID-Kris d'Zuele vun de Stierffäll, an dëse vum Ministère zougeloossene Strukture vum betreite Wunnen, net an d'Statistik vun den Altersheemer mat agerechent?
2. Wéi vill Leit sinn zënter dem Ufank vun der COVID-Kris un oder mat dem Corona-Virus gestuerwen, déi an enger Struktur fir betreit Wunne gelieft hunn, déi en Agrément vum Familljeministère hunn?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten